N°146
Entrée le 31.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 146 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Cell Broadcast"**

Virop ass ze präziséieren, dass d'Technologie vum "Cell Broadcast" eng komplett aner ass, wéi déi vum "SMS zonal" an et sech dobäi ëm 2 ënnerschiddlech Warnkanäl handelt. D'Méiglechkeet fir iwwer "SMS zonal" ze warnen ass scho länger operationell a gëtt säit Mee 2022 reegelméisseg getest.

**Fro 1**

Wärend den Iwwerschwemmunge vu Januar 2024 gouf keen "SMS zonal" geschéckt, well d'Situatioun dëst net erfuerdert huet. D'Bevëlkerung gouf iwwer aner Warnkanäl informéiert (GouvAlert, staatlech Internetsitten, Facebook, Press).

**Fro 2**

D'Zil ass, dass den zukünftege Warnkanal "Cell Broadcast" spéitstens am September 2024 operationell soll sinn. D'Handy-Operateuren hunn Enn 2023 éischt intern Tester erfollegräich duerchgefouert. Et gëtt weider intensiivst un der Implementatioun geschafft.

Lëtzebuerg, den 30.01.2024.

Den Inneminister

(s.) Léon Gloden